# Mir sin eng Por

Mir sin eng Por mat de Vir- an Nodeeler, déi derzou gehéieren:

- Well mer zou méi wéi 50 Leit sin as et nët méi méiglech, jidfereen ze kennen ausser vläicht mam Numm.

- Den Alter geet vun 0 - 80 an d'Viraussetzungen sin also verschidden. Fir dass d'Eltere kënnen zesummen an d'Mass kommen, hu mer d'Kanner dem Alter no an 3 Gruppen opgedeelt a bekëmmeren eis ofwiesselnd ëm se. Dat huet Virdeeler fir d'Kanner, déi bis no der Priedegt eppes maachen, wat hierem Alter ugepasst as a fir d'Elteren, déi och kënnen a Rou un der Mass deelhuelen.

- E grousse Grupp as vill méi schwéierfälleg an d'Spontanéitéit kënnt doran ze kuerz.

- Well d'Por méi onperséinlech as, as et vläicht méi liicht fir en eenzelnen, einfach emol nolauschteren a matfeieren ze kommen. E fillt sech nët onbedéngt als Friemen, mee et as awer och nët sécher op en direkt Kontakt fënnt, well dofir muss et jo och engem opfalen, dass een nei do as.

- Et as méiglech matzemaachen ouni sech mussen esou direkt perséinlech z'engagéieren ewéi an engem klenge Grupp.

An der Mass gin d'Texter fortlafend gelies iwwer e puer Wochen oder Méint, wat de Virdeel huet, mol en Text ganz kennenzeléieren an nët ëmmer nëmmen déiselwecht Stécker, déi aus hirem Kontext gerappt sin. (Dës Texter waren an der Lescht d'Markusevangelium, d'Genesis, de Réimerbréif) an de Jupp (onse Paschtouer) probéiert, eis déi neist Erkenntnisser vun Theologie an Exegese verständlech ze maachen. Wa verschidde Saachen eis och heiansdo ze vill schwéier schéngen, besteet d'Méiglechkeet dat doheem a Rou nach eng Kéier nozeliese, well den Text all Sonndes um Porziedel steet. A wien eng Kéier nët kann do sin, hëllt sech dee Sonndeg duerno den Ziedel mat. Et kann een dat och als Erwuessebildung betruechten.

An der Por gin et verschidde Gruppen:
- e Bibelgrupp
- de Porrot
- den Info-Grupp (dee periodesch en Informatiounsblad erausgët, wat un all Stot vun der Por verdeelt get)
- de Grupp 'Ennerwee', dee sech mat verschidden Theme vum Glawe beschäftegt.
- Gruppen, déi sech bilde fir eppes Bestëmmtes virzebereeden (z.B. Boussfeier, Famillje-Sonndeg .....).
- de Gesang
- d'Botzéquipe, déi dofir suergt, dass d'Kierch an der Rei as, a Leit, déi sech em Blummenarrangementer an Blummestäck këmmeren.

D'Terminer vun deene verschiddene Gruppe stin um Porkalenner mat Thema, Adress an Telefon, a wien interesséiert as matzemaache, kann sech do mellen.


- Wa Kanner solle gedeeft gin, treffe sech d'Eltere vun deene Kanner an iwwerleën zesummen, firwat si dat wënschen a wat dat fir si als Engagement bedeit. Si bereeden déi Feier zesumme vir. Well et en Ophuelen an d'Gemeinschaft as, as d'Daffeier während der Mass, wann d'Gemeinschaft versammelt as. Duerno offréieren d'Elteren den Apéritif fir all d'Leit, déi do sin.

- Feierlech Eischtkommunioun gët et zanter 1978 zu Nidderaanwen net méi. Eis Kanner feieren all Sonndes mat eis Gemeinschaft.

- Wann eng Koppel sech wëllt bestueden, probéieren d'Leit aus der Por mat hinnen doriwer nozedenken, wat dat bedeit a bedeelegen sech un der Virbereedung. D'Samsdesowes-Mass gët dann ersat duerch d'Hochzäitsmass. Virun engem Joer si mer mat enger Koppel an eng aner Por gaang, fir ze feieren, well d'Kierch vun Nidderaanwen 6 Méint zou wor wéinst Aarbechten.

Am Wanter 1989-1990 as d'Porkirch frësch ugestrach gin a verschidden Emännerungen si gemaach gin. Deen Deel Aarbechten, dee nët zu Laaschten vun der Gemeng war, hun déi Leit finanzéiert, déi un der Por deelhuelen an zwar duerch Spenden op e Konto, dee fir deen Zweck opgemaach gin as, duerch e speziellen Affer awer och duerch den Erléis vum Verkaf vu Kaarten, déi e Member gemoolt hat, an duerch den Erléis vun engem Cabaretsowend.

Während der Zäit, wou d'Kierch ugestrach gin as, hu mir eis Sonndes am Centre de Loisirs zesummefonnt. Dat huet eis erlaabt, verschidde Saachen auszeprobéieren, well mer nët méi un d'Bänke gebonne waren an et mat Still an Dëscher méi einfach as, verschidde Méiglechkeete vu Kommunikatioun ze probéieren (z.B. Diskussioun a klenge Gruppen iwwert en Text an



herno "mise en commun", Mass kombinéiert mat gemeinsamem Iessen). Et gouf och ganz kloer, dat d'Kierch nët e Gebäi as (dat stong jo eidel op där anerer Säit vun der Strooss), mä eng Gemeinschaft vu Leit, déi zesumme probéiere erauszefannen, wat de Jesus haut bedeit.

Am Moment leeft niewt deene normale Gruppen eng Virbereedung fir e Projet genannt "Vakanz fir de Jupp". Fir dem Jupp ze erlaben, auszespanen hu mer décidéiert him 2 W-E fräizegin an eis selwer ëm d'Por ze bekëmmeren. Dofir as eng Lëscht gemaach gin, op déi jidferee konnt Theme setzen, déi hien interesséiren an och bei wellechen Themen hie wëllt matschaffen. Déi Leit déi sech aktiv un der Virbereedung bedeelegen, hun elo fir all W-E en Thema erausgesicht a sin amgaang dat virzebereeden. Och d'Datume vun dëse Versammlungen stin um Porziedel an et kann ee sech zu jidder Zäit melle fir matzeschaffen.

Et as kloer, dat ëmmer nees Momenter kommen, wou et deenen enge nët séier genuch geet an deenen aneren zevill séier; an et kann dann den Androck entstoen, dass et keen Zweck huet, mä ech menge fir vill Leit huet sech munneches geännert, och wann dat an engem grousse Grupp nët esou däitlech ze moossen as.

**josée (6. Abrëll 1991)**